

DE VERFELTE BO'W.

P e r s o ' n e n

- 1.) Siss POTIRON, Baurefrâ vum Drei-Iesels-Haff 50 Jôer
- 2.) Marie POTIRON, hirt élst Médchen, an de' 20, e bössen
schwe' erfälleg
- 3.) Sylvie POTIRON, dât jengst, 18 Jôer, de verfélte Bo'f
- 4.) Arlette GUMMI, seng Fröndin, Studentin aus der Stâdt
bein Sylvie an der Vakanz
- 5.) PHILOMENE, Dengschtmédchen bei de Potirons - knobbeleg
- 6.) Tata AMAGLOUGLOU, e Mischling, hallelf weiss, hallelf Neger
ganz sche'n, iwer nach me' komesch
Sie ass ömmer fro'h, an hält net op der Plâtz. Ma Stéck
get é gewuer dass et d'Schwe'esch ass vun der Potirons,
hire Brudder an Afrika hât sech mat hir bestued o'ni eppes
ze sôen. Sie hun an Afrika eng Rhumfabrik an sie huet e
gudde Quantum matbruecht.
- 7.) Tata GUDULE, dem Arlette seng Tata, eng éler Dame mat vill
Distinctio'n aus der Stâdt.
- 8.) Madame FLO', eng Baurefrâ, 40 Jôer, Nopesch vun de
Potirons.

: - : - : - : - : - : - : - : - : - :

1. A k t

1. S z é n

- Marie: Ech wöll jo neischt sôen, mé d'Sylvie höllt sech et gutt. Wât mengs du, Mamm?
- Siss: Nujo, muss én dât Kand verstôn, hat huet elo Vakanz: A firwât soll hat och net dovun profite'eren! All dât Stude'eren an der Pensio'n mecht him genuch Arbecht d'ganz Jôer lâng.
- Marie: Hun ech da villeicht keng Arbecht?
- Siss: An ech dann? Jidderén huet Arbecht, mei Kand! D'Sylvie mat senge Bicher, du mat denge Ke'h a Schwein, an ech mat iech alleguert, d'kann én all dât an é Sâck stiechen.
- Marie: Durfir muss ech awer de' schwe'erst Arbechte mâchen.
- Siss: Wells du eben dât Stärkst bass. Jidderén erkennt dir dât un: als Beweis, d'Madame Flo' huet mir nach göschter gesôt: "Wât huet dir eng Chance mat èren zwé Médercher, D'Sylvie ass löschteg a fro' we' e Fösch am Wässer, an dât brâvt Marie schafft we' e Fêrd.
- Marie: Oh huet sie dât gesôt. Et ass jo wo'er dass é mech un all Arbecht spâne kann.
- Siss: A sie huet eso'guer och nach gesôt, den Aender, mei Jong dén denkt och eso'.
- Marie: (voll Fréd) Da sin ech over fro': Oh eso' fro'; Well den Aender dé kennt eppes... an et ass e sche'ne Jong! Fir e Baurejong ass hien gepflegt: hie mecht sech Brillantine op d'Hoer an e wäscht sech all Ho'nt eng Ke'er d'Zenn. Dât ass dach e Jong. (Hat drént e beschen)
- Siss: Da pass dach op op deng Arbecht, du mechs Schielen esc' déck we' en Dauu.
- Marie: Dât ass net meng Schold, et ass d'Messer dât dât mecht,
- Siss: Fir op Flo's zréck ze kommen, dât si besser Leit, sie hun 15 Ke'h, 40 Ha Land an en Praktor a scho guer net ze schwätzen vun de Gänsen an den Inten.
- Marie: Oh jo; si stin sech gutt.
- Siss: (Virsechteg e beschen) Wésste hie ge'f mir nôt schlecht gefâlen als Eden, den Aender, Ech wöll jo neischt sôen, ech mengen nômnen, ech hu genierkt dass hien dir e Stéck Hougat op der Kirmes kâft huet.
- Marie: (ganz gespre'chech) Oh jo, Mamm! (stolz) An et wor dât déckste Stéck.
- Siss: Geseit én dass hien Erziehung huet.
- Marie: An..an.. mir sin zesummen op dem Karussel gefuer... op de

Schwein, an do hun ech verstânen dass ech hien gären hun.
Ech hun him gesôt mein Hèrz ge'f sech am Leif ronderôm
dre'en.

Siss: (virwötzeg) A wât huet hien dann du gesôt?

Marie: Hien huet gesôt: "Dât ass bestömmt den Nougat an der Schold
Well ech hun en an enger Bud kâft, de' gehéscht huet
"Au Nougat d'Amour".

Siss: (le'st d'Gromperen a Messer fâlen a schle't d'Hänn um Kapp
zesummen) Dé parle'ert jo wé an engem Roman.

Marie: An du hun ech verstânen, dass hien en A op mech hätt.

Siss: A seng Eltern, wât soen de'?

Marie: D'Madame Flo' ass e'schter derfir, mé de Papp dén huet
eng aner Iddi. Sei béschte Frönd ass am Krich bei him
gefall, an hien hât e Médchen. Dén âle Flo'h wâr ganz
gee'ert wann hieren Aender sech mat dém Médchen géng
bestueden.

Siss: Kenns du dât Médchen?

Marie: (Vun uewen erôf) Oh, et ass ént aus der Stâdt. D'Flo'
kennen et nemmen vun der Foto hîr!

Siss: Do misst én over scho bâl eng mat der Pân kritt hun, fir
sei Bo'f mat enger Foto ze bestueden!

Marie: Seng Tata huet et zo' Pareis operzun. Et schreiwet der
Flo's vun Zeit zu Zeit. Sie wollten et eso'guer alueden
fir dass et den Aender soll kenne le'eren..

Siss: Eso' lâng ewe' hien beim Militär ass brauchs du neischt
ze fèrten.

Marie: An dann brauchen d'Médercher aus der Stâdt sech och nach
ké Jong heihinner sichen ze kommen..

Siss: Natirlech drémen de' net dovun, eng Baurefrâ ze gin.

Marie: D'brauch én nemmen dem Sylvie seng Frendin d'Arlette ze
huelen, dât elo hei ass an der Vakanz. Hues du dât da
scho gesin Ke'h streichen?

Siss: Wés du wât et zo' mir gesôt huet vun onse sche'ne Ke'h:
Si ge'wen hat unékelen.

Marie: Dât hält hat awer net dervun ôf, Möllech ze drenken a
Botter z'iessen, an dén ausgezéchent ze fannen.

Siss: Mujé, duerfir kann én net be's sin, an hat schiel ukucken,
t'ass jo dem Sylvie seng Frendin.

Marie: Jo natirlech, mé ech sin ömmer misstrauesch vrun dèr
Zort Jöffercher...

2. S z é n

- Philom: (könnt lenks eran, e Ko'p Lengend um Arm) Elo si mer fèrdeg, Madame Potiron, ech hun alles gestreckt!
- Siss: (lét sei Messer nidder) A mir hun an dèr Zeit d'Gromperen geschielt (Sie botzt d'Hänn un hirem Schierteg ôf)
- Marie: (selwecht Spill) D'muss én der jo bâl eng Hand upâken, wells du ômmen klôts, du häss ze vill ze mâchen, Philomène..
- Philom: Mé nondikass, t'mengt é grad dir giffst mir dât îwel huelen, Dir musst och net vergiessen, dass zenter 8 Dég eng Perso'n me' am Haus ass. Ech hun èr Pareisser Jöfferchen awer net agelueden!
- Siss: Du grommels e'weg, mei le'ft Philo!
- Philo: Ech hun nach nie eso' vill Klengegkéten ze wäschen gehât, we' elo, wo' dât hei ass. Wât huet dât mir eppes Dreckelchen? A wât eng Arbecht fir dât ze strecken! Alles eso' we' vu klengen Ficellen, eso' déck ewe' d'Halschent vun mengem Daum. Ech verwuerele mech doran. (d'lét d'Lengend op e Stull) Eso' ass et awer (mat dénen zwo' Hänn mecht et e gro'sse Gest fir ze weisen) Ech muss gro'ss Stecker hun fir ze strecken.
- Marie: Du bass jo elo fèrdeg, dât ass jo d'Hâptsâch. Ech wetten mat dir, dass dât Pareisser nach nie eso' eng weis Wäsch hât.
- Philo: Dât ass dach ganz natirlech, zo' Pareis hun se keng Wisen we' hei.
- Siss: (huet d'Schielen an en Döppen geluecht an et gét dermat zo' der lenker Dir) Dajé Marie, könnste?
- Marie: (huet d'Gromperen a Stécker geschnidden, et höllt sein Immer mat) Hei, ech si fèrdeg, Mama.
- Siss: (an der Dîr zum Philomène) Mir gin an d'Kichen d'Iessen mâchen. Während der Zeit, Philomène, raum du d'Kléder an de Schâf, a pass op, dass du dech net îrts! (d'Sisi an d'Marie gi lenks eraus)

3. S z é n

- Philo: (beim Schâf, d'Hänn an den Höffen bekuckt d'Wäsch) Da loss mer emol kucken. We' soll ech dât elo mâchen? Abe fir dât Pareisser ass et einfach, d'Ufangsbuschstâven vun sengem Num sin an alle Sâchen brode'ert. Ech froen mech nemmen wuerfir? T'verstét é jo ganz gutt wann én op séng Nuesschnappecher brode'ert, dât kann én jidderengem weisen wann en d'Nues botzt. Mè fir awer iwerall de' Garnituren ze mâchen, muss é schon net ganz weiss sin. - (et lét e puer Stécker an de Schâf an dre't sech zo' de Leit). Ech hun d'Ufanksbuschstôwen vu mengem Num op engem Pullover. Ganz gro'ss. (et weist d'Gre'st mat den Hänn) Eso' ongefe'er. Dât ass dach sche'n an et geseit én en vu weitem. Et ass onme'glech fir sech d'bei ze îren.

Ë gro'ssen ro'den F an en L. Jidderén wéss, dass den F Philomène wöllt sôen, an den L, dât ass mein Num... (sicht) ganz einfach mein Familjenumm. (et lét d'Wäsch op de Schâf, le'st e puer Strömp fâlen, réft se op) Mé, mé kuckt iech dât un. Et spiert én dât jo emol net an de Fangeren. A si nennen dât Nylon, we' et schengt! Et ass richtige Spâweck. Do huet é besser neischt unzedôen. De' Stâdter Jôffercher, de' keng Strömp undin, de' fierwen sech einfach d'Bén mat "Teinture d'iode". Ass dât nach dran? Ech huelen alt Ke'hdreck, dât ass alt grad eso' gutt, a vill me' natirlech!

4. S z é n

Sylvie: (könnt fro'h zur hönneschter Dîr eran) Bonjour Philomène.

Arlette: (grad eso') Bonjour Philomène. (et huet e klenge Kuerf am Arm)

Philo: Hut dir zwé de Wé alt nach héim font? Hut dir dann é sche'nen Tour gemâcht?

Sylvie: Mir hun e wonnerbaren Spaze'ergang gemâch. A mir hun en säftegen Apel giess.

Arlette: D'Aepfel wore gutt, mé e Gléck, dass d'Sylvie bei mir war, soss hätt ech kén énzege kritt. D'Sylvie klômmt op d'Bém ewe' e Kawéhelchen, et huet guer keng Angscht.

Philo: Dât wonnert mech net vun der Joffer Sylvie, ech hun et jo nach ömmer gesôt, sie ass e verfélte Bo'f.

Arlette: (lâcht) Ë verfélte Bo'f, dât ass richtig. Dén Ausdrock gefällt mir. Dât gutt Philomène kennt vill Ausdréck.

Philo: Secher kennen ech vill Ausdréck. Elo sin ech schon eng ganz Stonn drun, Er Wäsch an de Schâf ze tesselen. Ech war sche' geplôt mat Eren Nuesschnappescher, wo' lauter kleng Ficellen drun henken.

Arlette: (könnt me' nô) Kleng Ficellen (et lâcht) Mé Philomène, dât sin dach keng Nuesschnappecher, dât sin meng Hiemer.

Philo: (erstaunt) Onne'glech. (et bedauert den Irtum) Et geseit én dass dir lîng rationne'ert wârt mat ère Kléder zo' Pareis.

Arlette: (lâcht) Philomène; dir sit net ze bezuelen.

Philo: Ech wöll och net bezuelt gin, ech wöll nômmen eng Hand ulângen.

Sylvie: Wanns du ons wölls eng Fréd mâchen, dann hölls du dôss Champignonen, de' mir gepléckt hun, an du kachs ons se fir de Môtteg (et holt dem Arlette de Kuerf ôf an et göt dem Philomène en)

Philo: Ech huelen se gären mat an d'Kichen, mé zielt net op mech fir iech se ze kachen! Ech hun dât net gären. Et mengt én et wâr Caoutchouc. An et kent én sech dermat vergöften.

Nujé, wann et iech gefällt, da kann d'Madame Potiron iech se zo'bereden. Op èr Verantwortung. (Et gét lenks mam Kuerf eraus)

5. S z é n

Arlette: Wât, ech hu geduecht, dât maulecht Philomène ge'f haut net me' goen. Endlech eleng...

Sylvie: Hälls du eso' op meng Gesellschaft, elo si mir scho Stonnen lång zesumme spaze'ere gängen.

Arlette: Ech hätt gären éscht mat dir geschwât, mé du wölls mir jo net nôlauschteren.

Sylvie: Firwât och net? Wann ech um Feld sin, dann denken ech nemmen drun ze lâfen, ze sangen an ze lâchen! Ech lôssen d'Suergen op der Seit bis duerno.

Arlette: Mat nach eso' enger gro'sser Lichtegekét, wann et iwer d'Suergen vun dénen âneren hîrgét.

Sylvie: Mei Gott! We's du dât eso' trotzeg sés! Mengt é wirklech du wölls mer eng Katastroph matdêlen!

Arlette: Lauschter Sylvie... Ech befannen mech an engem Hoffnungslosen Fall...

Sylvie: (se'er) Oh fein, dât get jo spannend (sech zréckhuelend) Oh, entschölleg...

Arlette: Dât mecht neischt... Merci awer! (ennert d'Stömm) Du kenns jo meng Tata Gudule? Du erönners dech jo nach, nôt?

Sylvie: Jo, ech kennen se: mat hire verréckten Réck, mat hiren prachtvollen Hitt, a mat hire Manne'eren aus dem âlen Jôrhonnert, sie ass wirklech kostbar...

Arlette: Ganz gutt, fir dé Portrait. Mé wât d'Moral ubelängt, huet meng Tata Gudule ausgezéchent Qualite'ten, mé si huet awer och hir Fehler, so' z.B. hiren décken Kapp. Wann si eppes entschéd huet, dann ass et schwe'er, wann net onme'glech, dass si hir Ménung ennert. Dât ass den Drama!

Sylvie: Du mechs mir et angscht.

Arlette: Hir Rotschle' sin direkt Befehler, an hir Wönsch sin Uerderen. Dobei hun ech uerg gefélt, we' sie mech an d'Vakanz geschéckt huet...

Sylvie: A we' dât dann?

Arlette: Ech sollt des Dég bei den Elteren vun dém verbrennen, dén meng Tata bestömmt, an eso' guer schon als mei Freier!

Sylvie: Dât do ass mir eng Neiegekét!

Arlette: Jo, mei le'ft Kand, do geseis du jo we' et ass! Ech war gro'ssartig agelueden bei de' rech Baueren vun Porgrasle-Sec. A meng Tata mengt ech wär schon 8 Dég do!

Sylvie: Oh mei!.. Dât ass ganz schlömm. An du sés Baueren vun hei? Loss mech rôden, wien et soll sin. Ass et bei Casimir Delloiseau?

Arlette: Nén, dé meng Tata fir mech bestömmt huet nach me' e blöde Numm.

Sylvie: Elo wés ech et. Ech wetten, dass den Dugratin.

Arlette: Dén och net!

Sylvie: Da wés ech nemmen me' de Flo's Aender... Ech froen mech awer firwat dass se dir dé brave Jong erraussichen...

Arlette: Tata Gudule, huet mir keng Erklärungen gin, Sie huet einfach gesôt: Meng Mod, elo bass du am Alter fir dech ze fiance'eren. Wonnerbar Oemstänn stin zu dengen Gonschten. Den Hèr Flo', Bauer aus Porgras-le-Sec, e gudde Frend vun dengem verstuerwenen Papp, mat dém ech a Verbindung bliwe sin, ge'f sech menger Ansicht nô, eng gro'ss M'er draus mâchen Dech an seng Familjen ze kre'en... Eso' eng Geléenhét weist sech eso' bâl net me'.

Sylvie: An d'Geléenhét kann dech net reizen?

Arlette: Oh nén, awer och guer net...

Sylvie: An dunn?

Arlette: Dun huet meng Tata mech gedôen meng Valissen pâken, sie huet mech op den Zuch gefe'ert, nodém sie mech nach an hirer Oprägung ömârbelt hât - well sie war trotzdem opgerégt, verstés de? An dun huet sie mer empfuehen mech déne feine Leit vir ze stellen.

Sylvie: A Plâtz, dass du dech bei de Flo's opgeopfert hues, bass du le'wer bei dei klengt Sylvie an d'Vekantz kumm?

Arlette: Eso' ass et. Onglécklecherweis vergét d'Zeit, an ech denken mat Angscht un d'Folgen vu menger Flucht, well dât ass eng. Meng Tata fönt et dach schliesslech eraus.

Sylvie: Et wärt nach ömmer en Auswé do sin.

Arlette: Et ass mir net me' éndun. Stell der emol vir, sie kre'ch op émol d'Iddi onverhofft no Porgras-le-Sec ze kommen?

Sylvie: Dât wär, was du nenns richtegen Théâtre! Oder eppes Onerwârtés. Eso' eng Geschichte ge'f mir gefâlen.

Arlette: Du bass over gutt. We' d'Sâch elo stét, mecht mech schon duerchernén genuch, an ech wönschen mir op ké Fall nach weider Schwieregkéten.

Sylvie: (ganz opgemontert) Jo, mé... d'wés é jo nie wât komme kann.

6. S z é n

Philo: (kônnnt durch d'Mött eran mat engem Bre'f an der Hand) Hei ass e Bre'f fir Iech, Joffer Arlette. De Bre'fdre'er ass mir bege'nt, an hien sôt, dât muss fir dât Fareisser sin wêt

- elo bei iech ass!
Arlette: Mei Gott.. Hoffentlech ass et net d'Tata!
- Philo: Nén, t'ass de Jamper!
- Arlette: Geliff??
- Philo: T'ass de Jamper, onse Bre'fdre'er (et récht de Bre'f)
- Arlette: T'ass fèrdeg, en ass vu menger Tata. (zerreist d'Enveloppe a liest)
- Philo: Ech gi menger Wé. Ech muss dem Bre'fdre'er nach e Patt zum bèschten gin!
- Arlette: Ah nén? Zum Beispill!
- Philo: We' nén? Ech gin him alle Ke'er e Pättchen en ech proste mat him.
- Arlette: T'ass abscheilech! (et schwetzt nach ömmer vu sengem Bre'f)
- Philo: Abscheilech! Et get neischt Besseres we' e Pättchen Ro'den am ganze Land.
- Sylvie: (lâcht) Mé nén, Philo, du verstés mech nôt! Loss ons gewërden an tommel Dech. De Jamper ass bestömmt presse'ert.
- Philo: A wat mengt Dir? Ech kennen hien, en ass me' presse'ert fir meng Tourné ze huelen, we' op den Tour ze goen!
(et gét duerch d'Môtt ôf)
7. S z é n
- Sylvie: Wât ass dann mat dém Bre'f?
- Arlette: T'ass schrecklech! Sie ass do!
- Sylvie: Wien dann?
- Arlette: Meng Tata Gudule. Sie könnt mat dém nexten Autobus!
- Sylvie: Mâr?
- Arlette: Nén, haut!
- Sylvie: Dât ass an e puer Minutten, et könnt én um 11 Auer 30 un!
- Arlette: An et ass 11 Auer 23. Wât solle mir mâchen? Mei Gott wât mâchen?
- Sylvie: Vir unzufenken, loss mir ro'eg bleiwen. Wât sét d'Tata Gudule an hirem Bre'f?
- Arlette: (liest) Le'ft Arlette. Ech hun eng gro'ss Neiegkét! De klengen Dumont Marcel, onsen Nôper huet elo Vakanz. Hien kennt Flo's hire Jong ganz gutt an hien huet mir gesôt, dass den Aender och Congé huet. Folglech fannen ech dass et sech passt, dass ech zo' Porgras sin. Ech kommen mam e'schten Zuch an ech huelen zo' Bonnetable den Autobus

mat Korrespondenz bis Porgras. Ech sin ganz fro' dech geschwön erem ze gesin an d'Bekanntschaft mat dengem Zukünftigen ze mâchen. Bèscht Gre'ss. Gezéchent: Gudule Labourrique.

Sylvie: We' ass dat awer och eso' onerwärt!

Arlette: T'ass d'Enn vun allem! Sylvie et muss én mech retten!

Sylvie: Lauschter emol, ech denken elo grad drun. Deng Tata schreiwt sie wöllt Bekanntschaft mam Aender mân, also huet sie hien nach nie gesin?

Arlette: Mach nie!

Sylvie: Dât ass fein! An d'Madame an den Hèr Flo'h, huet sie de' och nach nie gesin?

Arlette: Nemmen den Hèr Flo', dén ass ons virun e puer Jôer op Pareis besiche komma.

Sylvie: Gutt, mir mussen deng Tata heihin komme lôssen.

Arlette: Heihin? A firwât?

Sylvie: Mir sie gléwen ze dôn, sie wâr bei de Flo's.

Arlette: Oh, dât ass awer risqué'ert!

Sylvie: Mâch dir neischt draus! Ech muss menger Mamm sche' schwätzen, dass sie d'Madame Flo'h spillt.

Arlette: Ge'fs du dât mâchen?

Sylvie: Mé secher, dât ge'f ganz interessant!

Arlette: Leider ass dât nach net alles. Mir missten hir den Aender virstellen... a we' solle mir dât mâchen?

Sylvie: (huet eng Iddi) Ech wés et!

Arlette: Ass et wo'er? Wât mengs du dann?

Sylvie: Ech hun en a menger Kummer...

Arlette: Ìm, mechs du de Geck?

Sylvie: ...fein a ve'er gefâlt, e rascht môtten op mengem Schâf...

Arlette: Ech wés net, wât dass du wölls?

Sylvie: Sét én net: Kléder mâchen Leit?

Arlette: O'ni Zweifel, awer...

Sylvie: Ech hun eng Zaldotenuniform. Wann deng Tata de' Uniform geseit, natirlech mat engem dran... da mengt sie bestômmt et wâr den Aender.

Arlette: T'ass jo Blödsinn, a wien wöllt sech dann durfir hirgin?

Sylvie: Ech wèrd de' Sâch schon iwerhuelen. Mé mir mussen ons awer elo tommelen fir vir ze bauen, schécken mir én d'Tata an Empfang ze huelen, wann sie elo vum Autobus könnt.

Arlette: Komm, mir ruffen d'Philomène zo' Höllef!

Sylvie: (jeitzt) Philomène, Philomène!

8. S z é n

Philo: Huet é mech geruff?

Sylvie: Jo, mei gutt Philo, komm se'er.

Philo: Wo'fir?

Sylvie: Mir brauchen dech a mir zielen op dech, Philo.

Philo: Wât zielt dir dann?

Arlette: (nervös) Lauschtert wât d'Sylvie iech sét an önnerbriecht et nôt all Abléck.

Sylvie: Elo gés du op den Calvaire an dann wârts du op den Autobus dén all Moment muss kommen. Dem Arlette seng Tata muss do sin, da brengs du si heihin.

Philo: Ech kennen se weder vun Adam nach vun Ewa hîr, de' gutt Frâ.

Arlette: Dir könnt iech nôt ieren, meng Tata dre't en énzegarten Hut op hire Genre, eng Art Kléck klômmt hir bis iwer d'Aen de' vun engem enormen Grapp Kischen garne'ert ass.

Philo: (ganz geschlôen vun der Beschreibung) Kuckt, dât ass zum Beispill guer keng schlecht Idée, dât garne'ert nôt iwel. Ech hätt loscht mir fir de' next Saison och eso' én ze kâfen.

Sylvie: Dât ass d'Frô net! Bass du secher, fir sie ze erkennen?

Philo: Donnerwieder! Ech sin dach nach fâheg fir e Grapp Kischen ze erkennen, zemols wann se um Hut sin.

Sylvie: Da pass elo gutt op wât ech dir sôen. Du sés zo' der Madame: "Ech sin d'Môd vun de Flo's."

Philo: Ech kann hir dât net sôen. Ech sin jo am Dengscht vun der Mme Potiron.

Arlette: (verzweifelt) Mir kommen guer net me' eraus.

Sylvie: Mâch wât ech dir sôen. Mir spillen hier eng.

Philo: Ah so': Wann et ass fir hir eng ze spillen, da sin ech mat.

Sylvie: (seufzt) Endlech! (streng) Dôs ke'er hues du awer verstân?

- Philo: Jo, jo! Ech muss sôen dass ech der Flo's hir Môd sin, an dass et ass fir hir eng ze spillen!
- Sylvie: Ma nén! Da pass emol op... Lôss mir sôen, ech wîr dem Arlette seng Tata.
- Philo: Hm! Lôss mir sôen, mat hirem Kischtenhut!
- Sylvie: Eso' ass et! Ech klammen aus dem Autobus (et mecht d'Tata nô) Wât sés du?
- Philo: Tsch! Tsch!
- Sylvie: Wât sés du do?
- Philo: Dât ass den Autobus: "Tsch! tsch! De Fûhrer mecht emmer eso' wann en op d'Statio'n könnt, Sylvie.
- Sylvie: Dât hängt dach guer net domat zesummen. Ech widerhuelen, ech sin d'Tata, an ech klammen aus dem Autobus.
- Philo: (me' lues) Tsch! Tsch!
- Sylvie: Jo, tsch, tsch! Ech huelen meng Valise e mâchen mech op de Wé. Du Könns mir nô, a wât sés du?
- Philo: Ech sôen hir... Ech sôen hir guer neischt.
- Sylvie: Mé nén! Ech sin Flo's hir Môd, an ech fe'eren Iech bei sie.
- Philo: Ah! ech verstin, ech muss sie bei d'Flo's fe'eren!
- Arlette: (lues) Wât en Efalt! (kuckt op seng Auer) An d'Zeit vergét.
- Sylvie: Mé nén! Du sés zo' hir: "Ech fe'eren iech bei d'Flo's", Du brings sie awer heihin... A wann sie Dir önnnerwé Frôen stellt dann äntwers du hir nôt.
- Philo: Fein, fein! Lôss mir widerhuelen: tsch, tsch! Den Autobus ass dô! D'Leit klammen eraus, ech gin dem Kîrfchen mat de Kîschteblumen nô, an ech soen hir: "Sit dir d'Mattant vun der Joffer Arlette?" - "Ah, jo" entwert sie mir dann, ech komme vu Pareis." Dann entweren ech hier, ech sin d'Môd vun der Madame Flo'h. Kommt dir - ech weisen iech de Wé (stolz vun sech selwer) Gesit der emol, we' hun ech eso' gut verstânen.
- Arlette: Et get awer och Zeit!
- Sylvie: An elo mâch dech se'er iwer d'Schno'er (kuckt zur Fenster aus) Ech gesin den Autobus op der Knupp.
- Philo: (gét durch d'Mött aus) Ech gin dohinner!
- Arlette: Endlech ass et eso' weit! Hoffentlech mecht et keng Dommhéten!
- Philo: (könnt duerch d'Mött) Ech hun eng Idee: Well ech hir Frôen jo net beentwerten kann, ass et jo u mir fir d'Gespre'ch ze fe'eren...

Sylvie: Jo, jo, t'ass gutt. Mâch nemmen dass du fortkönnst.

Philo: Elo gin ech.

Arlette: Wât eng Qual! Et göt mir net gutt...

Sylvie: Göff dech!

Philo: (streckt de Kapp duerch d'Dîr) Ech schwetzen hir vun hirem Hut an ech frôen sie d'Adresse vun der Modiste.

Sylvie: Gés du da bâl?

Philo: (ze't sech zréck) Zielt op mech!

9. S z é n

Arlette: Ech kre'en nach eng Nervekris!

Sylvie: Rég dech dach net op. Et gét schon alles an d'Reih.

Arlette: Gléws du dât?

Sylvie: Gewöss dât! Ech sin iwerzégt dervun.

Arlette: Ech bewonneren deng Secherhét!

Sylvie: Bewonner, an huel dir e Beispill u mir. Du hues et nach he'chst ne'deg, fir se all zesummen ze hun. Et ass nach vill ze mâchen. Ech bekômmeren mech öm den Aender. Ech gin a meng Kummer. (et gét zur rechter Dîr) (op der Schwell dre't et sech öm) Du bekômmerst dech öm meng Mamm!

Arlette: We' le'ss du mech eleng?

Sylvie: Jo, ech muss göen. Erklär der Mamma, dass sie d'Madame Flo'h ass, an dann sés du hir och firwât.

Arlette: Ech sin net eso' keng!

Sylvie: Et muss awer sin (mecht d'Dîr op)

Arlette: (se'er) Verlôss mech net, Sylvie.

Sylvie: Dajé, sief dach verstänneg, dât ass dach net eso' schlömm Mir hu keng Zeit me' ze verle'eren. Du hues dach Vertrauen a mech, geldu?

Arlette: Jo... mé...

Sylvie: Da mâch wât ech dir sôen (et mecht him d'Dîr op der Nues zo')

10. S z é n

Arlette: (an der Dîr) Sylvie, Sylvie!.. Oh! et mecht de Rédel an! Wât get aus mir? (gét bei d'Fenster an et kuckt) Den Autobus ass ukommt. Mei Gott, mei Gott wât mâchen? Et ass ké Möttel me' fir zréck ze göen.. Ech..ech prévene'eren d'Madame Potiron (gét lenkserhand stoppt plötzlech) Nén,

ech sin nie eso' keng sie dât ze frôen!(de' lenks Dîr gét op)

Arlette:(réckelt se'er) Zut, do ass sie.

Siss; Ech hun èr Champignonen bräunen geloss, Joffer Arlette.

Arlette:Merci, villmols merci, Madame Potiron.

Siss: Ah!... wât félt dir, mei Mand? Dir sit jo ganz bléch!
Ass et iech net gutt?

Arlette:(stottert) Dach,dach... et ass mir ganz gutt!

Siss: Et ge'f én et net sôen, dir hut e Gesicht ewe' e geknâte Pobeier.

Arlette:Ech wés et nôt... Et ass mir, we' wann mein Hèrz sech ge'f dre'nen...

Siss: Parbleu! Dât sin èr Deiwelschampignonen! (iwerlèt) Mé nén, dât ass jo net me'glech, dir hut jo nach keng gies.

Arlette:Mujé (décide'ert sech) Et sin d'Champignonen nôt, et ass meng Tata.

Siss: Er Tata, de' iech um Hèrz leit?

Arlette:(ômmer me' verwirrt) Oh! ech wöll sôen et könnt durch den Autobus.

Siss: Ma dir hutt dach den Autobus net geholl?

Arlette:Nén, et ass meng Tata, de' an de Champignonen ass (et widerhòllt) ech wollt sôen am Autobus (hòllt sei Courage zesummen) Madame Potiron, lauschttert mer nô, Dir sit d'Madame Flo'h wéns menger Tata Gudule, an d'Philomène ass èr Môd nôt me', opschonn hat bei iech bleiwt, verstitt dir?

Siss: Wât erzielt dir dô?

Arlette:(opgerégt) T'ass trotzdem lîcht ze verstôen! Dir wöllt villeicht d'Madame Flo'h sin, ech bieten iech, et gét fir mei Gléck.

Siss: (se'er) Gewöss, gewöss, ech sin d'accord...

Arlette:(fällt hir ôm den Hals) Oh merci, merci, Madame Potiron!

Siss: (befreit sech) Meng Ursâch! (onro'eg) Sie huet bestômmt e Sonnestéck kritt (zum Arlette) Ech ruffen d'Marie. Ech sin net ro'eg (jeitzt) Marie, Marie!

11. S z é n

Marie: (könnt lenks eran) Hei sin ech Mama.

Arlette:(gét bei d'Fenster a kuckt) Ech sôtzen dauernd op gliddege Kuelen!

- Siss: (hölt d'Marie zur Seit) D'Arlette ass net a senger Reih! Et ass ganz duerchernén. Et erzielt mir vun enger Tata, de Champignonen, de' am Autobus wuessen, an ech wés net vu wât nach alles. E richtege Kauderwelsch! An de Klu ass et behâpt ech wir d'Madame Flo'h!!!
- Marie: Wât eng Idee!
- Siss: Widerspriech et nemmen net, dât muss irgend eng Kris sin!
- Marie: Do geseis de Mama, elo si mir fein drun!
- Arlette:(verle'sst d'Fenster) Himmël! lo sin se do.(zum Marie)
Ah, Marie!.. Sit dir dô? Mei gott, we' komplize'ert! Mir hun an all dém net un iech geduecht!
- Marie: (fir et ze bero'egen) Dât mecht neischt, Joffer Arlette, dât mecht neischt, et gét och o'ni mech!
- Arlette:Mé nén, et ass ganz wichteg! Wât solle mir mat Iech mâchen?
- Marie: Régt iech dach net op! (zo' senger Mamm) Et huet bestömmt eng Krankhét.
- Arlette:(eng Le'sung fond) Dir sit de' jengst Cousine vun der Madame Flo'h.
- Siss: (ste'sst d'Marie mam Ielebo'n) So we' hat!
- Marie: Ma secher, ma secher! Ech sin de' jengst Cousine..euh! de' jengst Cousine. Et huet se nôt all zesummen, dât arent Kand!
- Arlette:Oder d'Möllechfrâ, hm! Jo dât wär nach besser, d'löllechfrâ.
- Marie: We' dir wöllt! We' dir wöllt! Bero'egt Iech!
- Siss: (zur Seit) Hoffentlech get et net wütend!

12. S z é n

- (Philomène an de Kulissen) Hei si mir, gutt Frâ, kommt eran!
- Arlette:(me' do't we' lieweg) D'Entschédung ass dô!
- Gudule: (dre't de Kîschtenhut, könnt duerch d'Mött eran) Mei le'ft Arlette! Komm a meng Aerm!.... Du geseis wonnerbar aus!
- Arlette:(ömärbelt se) Fönns du, Tata?
- Gudule: Ma gewöss, ma gewöss! ...wonnerbar! (zur Mme Potiron) Meng He'chssetzung Madame.
- Siss: An Iech och, Madame, an Iech och (si gin sech d'Hand)
- Gudule: Den Hèr Flo' ass net dô?
- Siss: Den Hèr Flo'? Nén, ganz secher! Hien ass nie hei, dovun ôfgesin, en ass ömmer dohém.

Arlette: (spréngt se'er an) Verstés du, Tata, hien ass ömmer um Feld. An en huet d'Gewunnegt ze soen: Um Feld do sin ech dohém.

Siss: (erstaunt) Sét den Hèr Flo'h eso'?

Gudule: Dât ass jo ganz natirlech, fir e Bauer (zum Marie) Wât d'Joffer ubelângt, hun ech net d'E'er...

Marie: (gene'ert) Benn... (Arlette mecht verzweifelt Zéchen hannert dem Réck vu senger Tata) Et schengt, ech sin d'Möllehcous sine... euh, de' jengst Schwester, wât! Nén, ech ieren mech

Arlette: Et wollt soen...

Gudule: (önnerebrecht) Ech hu verstânen. (zur Seit) Oh, ech si fro' Iech kennen ze le'eren, Joffer Germaine (sie dreckt hir d'Hand)

Philo: (Hötten am Gespre'ch) Abbé, dât do ass e gudde Witz! Wât werde mir ons amese'eren!

Gudule: Elo bleiwt mir nemmen nach ère gro'sse Jong kennen ze le'eren... Ech muss Iech gestôn, et ass e we'neg wénst him dass ech des Rés önnereholl hun...

Siss: (verblufft) Nöt me'glech! Ma ech hun dach ké Jong!

Arlette: Natirlech, sie huet momentan ké Jong... Verstés du Tata, zenter dass hie frei ass, hu mir hien nach net hei gesin, e sét senge Frönn Bonjour, hie mecht e klengen Tour duerch d'Duerf (zum Siss) Sôt we' ech!

Siss: (o'ni ze verstoen) Jo, jo et ass eso'!

Gudule: Ech verstin! D'Jugend, net wo'er? Hoffentlech könnt hien net ze spe't hém.

Arlette: En huet gesôt, hie wär fir d'Owendiesen hei.

Gudule: Fein, fein! Dir ward awer bestömmt fro'h, we' den Aender Iech sôe gelôss huet, hien hätt Congé?

Marie: Den Aender? Huet Congé? (et fällt schwâch)

Gudule: Wât félt him?

Arlette: T'ass neischt. Dât geschitt him eso' vun Zeit zo' Zeit.

Siss: (hält d'Marie un) Philomène, gitt mir se'er d'Flesch mam Esseg. (Philo follegt) (D'Siss le'st den Hals vun der Flesch um Marie ausotmen) Marie! Marie! he'ers du mech?

Gudule: (zum Arlette) Hm! Ech hu geduecht et ge'f Germaine héschen?

Arlette: Natirlech, et héscht och Germaine, mé mir nennen et Marie dât könnt oft vir um Land...

Gudule: E komesche Gebrauch! Ech hätt Me'h fir do eraus ze kommen!

Marie: (könnt zo' sech) Ech wés net wât mir geschitt as?

Arlette: (sét mat Vîrsecht zum Marie) Dât könnt vun de Champignonen.

Marie: (direkt d'accord) Jo, jo, bestömmt - (zur Tata Gudule ganz am Vertrauen) Virun allem dèrf én et net widerspréchen!

Gudule: (erstaunt) Fir wât?

Marie: Ech mengen et huet d'Malaria.

Gudule: Tiens, tiens! (zum Arlette) Et sét du häss d'Malaria?

Arlette: Hat huet se... Mé hat get et net zo'.

Gudule: Komesch!

Arlette: T'ass en arent Kand.

Philo: (dât den Esseg eweggstellt huet) Ech froen mech, wo' d'Joffer Sylvie ass?

Siss: T'ass wo'er, wo' ass hat?

Arlette: Et ass fort (mat Vîrsecht) Et huet en Telegramm kritt...

Siss: (erstaunt) En Telegramm?

Arlette: Jo, seng Mamm wöllt et dohém hunn!

Siss: Seng Mamm??? Mé...

Arlette: Sôt dach em Gottes wöllen we' ech!

Siss: Dann ass et also fort... Dât huet hat gutt gemâcht.

Gudule: (zum Arlette) Wien ass dât Sylvie?

Arlette: Eng Pächterin aus der Oenge'gend, dât meng Frendin ass.

Gudule: Du muss mir et virstellen.

Arlette: Jo, Tata, Ech wèrd et net vergiessen. Wann d'Gelegenhét do ass! (d'klappt un der Dir an der Mött)

Siss: Wien ass dô?

Sylvie: (an de Kulissen, aennert seng Stömm) Ech sin et!

Siss: Wien ech?...

Sylvie: Ma ech, dach!

13. S z é n

Siss: Philomène gitt opmâchen.

Philo: Jo, Madame (et mecht d'Dir op)

Sylvie: (erschengt als Zaldôt, d'Kâp um O'er et gre'sst militäresch)

Bonjour alleguer! (sprengt der Mme Potiron un den Hals)
Bonjour, Mama!

Siss: (stottert) We',we'? Wât mâchen sie mat mir?

Sylvie: (gét bei d'Tata Gudule) An hei ass, wann ech mech net
îren, de' gutt Tata Gudule (ômärbelt sie we' e Komiker)

Siss: (verzweifelt) Ech gin verréckt!

Gudule: (entzückt) Dé le'wen Aender!

Marie: (zur Seit) Dât ass dach den Aender net! (kreischt) Mei
Gott wât sin ech onglécklech! (et ge'mert, Philomène
hält et de' eng Seit un, an d'Siss de' ^âner. Fir der
Tata Gudule hir Opmierksamkét ôfzelenken, stin d'Sylvie
an d'Arlette ôm sie, d'Actricen bilden also 2 Gruppen vun
drei, eng Grupp zu all Seit. Schwetzen all zesummen)

Siss: Marie, mei le'ft Marie!

Philo: Ech fannen dât komesch!

Marie; We' sin ech eso' onglécklech!

Sylvie: Meng le'f kleng Tata!

Arlette: Dé le'wen Aender!

Gudule: Meng Kanner!

R i d e a u

2. A k t

Selwechten Décor - Dén âneren Dâg

1. S z é n

Philo: (huet e Plumeau an der Hand mé et gebraucht en net).- Et
gött keng Gerechtegkét. D'Madame Potiron gé mat dem
Arlette senger Tata spaze'eren. D'Sylvie a seng Frendin
leien nach am Bett, an d'Marie wöllt seng Kummer net me'
verlôssen... Ech muss eleng opsin, fir alles ze mâchen...
Ech muss gestôen, ech mâchen neischt... Mé dât mecht mech
trotzdem midd... Ech wés net me' wo' de Kapp mir stét,
zönter all dém, wât göscht virkomm ass. Wât en Duerchernén,
meng le'f Leit! Do ge'f eng Ko'h hirt Källefchen net me'
erem fannen... Sylvie ass den Aender gin. D'Madame Potiron
get d'Madame Flo'h genannt. D'Marie ass d'Germaine gin...
an ech, ech wés net me' wât ech sin... (et sôtzt sech) Ah!
Ech sin um énn vu mengen Kräften... (et klappt) Also gutt
elo gé et schon erôm un... (hiewt sech) Wien ass dât schon
erem?... (et mecht de' Dir an der Kôtt op).

2. S z é n

Amaglouglou: (könnt eran, d'Valise an der Hand) Je suis bien an
der Ferme vun den "trois-baudets"?...

- Philo: (erstaunt) Hein?.. Wât?.. Vu wo' könnt dât Möllech-
gesicht dô?
- Amaglou: (fällt him öm den Hals) Bonjour mein kleng Belle-soeur!
Ech sin eso' contente, vill contente! (sie ömärbelt et
we' geckeg).
- Philo: (proteste'ert) Mé, mé... ma; wöllt dir mech da ro'eg
lössen!...
- Amaglou: Ech sin tellement contente.
- Philo: Keng Ursâch (zur Seit) Sie ass geckeg.
- Amaglou: (mat engem gro'ssen Gest) Mech den Ozean traverse'ert
fir dech z'embrasse'eren...
- Philo: Eso' weit ass nach nie é kommt, fir mech z'embrasse'
eren. Nömmen ech sin èr belle-soeur net. Et sin dach
keng Géssen an onser Familjen!...
- Amaglou: Dach, dach, Familjen!... Du mech net reconnaître?
- Philo: Bestömmt net, ech hun iech dach nach nie gesin!
- Amaglou: (ganz traureg) Nie gesin! Oh, gro'ssen Malheur! Du och
nie Rhum gedronk hues?
- Philo: Rhum drenken? (zur Seit) A wât soll dât hir dann ausmân?
(hârt) Ech drenken es heiansdo, wann ech mech erkält hun.
- Amaglou: Bonno! Du e kenns. (ganz ho'ffereg) Ech sin d'Reine vum
Rhum!...(mecht d'Valise op)(sie ass voll Fleschen Rhum)
Geseis du d'Etiquette, do mein Portrait ass! Mei Portrait
op alle Fleschen ass!
- Philo: Ah!... elo verstin ech, Dir wöllt Bre Krôm verkâfen. An
duerfir gese'ch dir gären d'Patronne.
- Amaglou: Du net bass de' Patronne?.. Dann ech net mat dir schwetzen
Ech wöll d'Patronne gesin.
- Philo: Sie ass net do.
- Amaglou: Dann ech op sie wârden. Ech sin net pressé. Ti trinques
mat mir en attendant?
- Philo: (e we'neg misstrauesch) Ass Bren Rhum we'nestens gutt?
- Amaglou: De Rhum Amaglouglou ass connu partout... Tiens... Du
göss e Verre, an ech mâchen dedans. Du wârs gesin...
- Philo: (höllet e gro'sst Weiglas) Ech fannen ké me' e klengt,
Dir musst et jo net ganz fôllen.
- Amaglou: (schött) Ech d'Halschent mâchen. Du schmâchen.. Wann
e bon ass, dann ech tout plein mâchen, ça va?
- Philo: (hält d'Glas) Eso' gét et (drenkt) Hm..hm..(et klâkt
mat der Zong) D'ass neischt driwer ze sôen, en ass extra.

Amaglou: (drenkt aus der Flesch) A ton santé! Vill me' besser eso'.
Tiens...Ech Dir d'Bouteille gin... Souvenir..O.K.?

Philo: Oh, nén. Ech wöll den Hick net kre'en...Dât mecht neischt
göff mir se awer (höllt d'Flesch) Ech gin Dir och elo
eppes Guddes ze schmâchen... Eso' e gudden noble Wéngchen
we' Samet...

Amaglou: Wein aus der France?... Bonno!... dén ech kennen...dén
ech gutt kennen.

Philo: Du kenns awer dén net vu Forgras-le-Sec! Komm mat mir...
ech gin dir en ze schmâchen...(sie gin no lenks)

Amaglou: (mat engem klengen Danzschrött) Du bass beaucoup gentille
Ech sin désolée, wells du meng belle-soeur net bass.
We' du dech appelle?

Philo: Philomène.

Amaglou: Phénomène?... Bonno! Amaglouglou beaucoup aimer Phénomène

Philo: Komm! Breng dein Glouglou mat, îr d'Patronne könnt...

Amaglouglou: Ech kommen... ech kommen... (philo gét fir t'e'scht,
Amaglouglou könnt no, sie sengt):
Boire un petit coup, c'est agréable,
Boire un petit coup, c'est doux...

3. S z é n

Sylvie: (nach als Zaldot verklét, könnt iwer d'Bühn, klappt un
der rechter Dîr) Dajé, dajé... mâch dass Du op könnst, et
ass he'ch Zeit, dass Du aus demgem Zömmen könnst, meng
le'w Bräitche (schwetzt drôleg) D'Muergessonn wârd op ons
fir e ländlechen hygieneschen a sentimentalen Spaze'erwé ze
mâchen!...

Arlette: (direkt do) Ech si scho lîng fêrdeg, Hèr Aender....
(ennert d'Stömm) Ech konnt des Nuecht net schlôfen....

Sylvie: Oh! Ass et wo'er? Ech hu geschlôf we' en Engel.

Arlette: Oh! Du, et könnt é wirklech mengen, du ge'fs dech iwer
mech löschtég mâchen!

Sylvie: Wés du, bis elo ass d'Sâch nach net eso' schlecht gângen.

Arlette: Ech fannen, dass meng Tata vill ze vill un d'Spill gléwt.
Du hues sie erobert. An et ass net dât wât mir wollten.

Sylvie: Wârt emol... ech probe'eren, fir sie vu mir ofzesto'ssen
(et könnt én durch d'Kulissen)

Arlette: Pass op... do ass sie... (d'Dîr gét op, d'Mme Potiron
könt eran°)

Sylvie: Nén, et ass d'Mama.

4. S z é n

Siss: (könnt eran) Ah! Hei sitt dir jo allen zwé. T'ass gutt elo bleiwt dir hei. Dir hut mech an e komeschen Fall gesât vrun dèr feiner Frâ, de' mech fir de' hält de' ech guer net sin.

Arlette: Et déd mir léd, Madame Potiron, Iech all de' Me' ze mâchen.

Siss: T'ass me'glech dass et Iech léd déd, mé ech muss Iech sôen dass ech es genug hun, an ech hu gutt Loscht fir alles ze sôen.

Sylvie: Leuschter Mama...

Siss: (bekuckt et gené) Mama!... Wann ech bedenken, dass ech deng Mamma sin. E Médchen dât sech als Jong verklét.

Sylvie: (ganz le'f) An der Familjen ass ömmer gesôt gin, ech wir e verfélte Bo'f...

Siss: Jo, an elo ass et der gelongen an dengem Frack... Ech sin domm genug, fir dât ze erdrôen.

Sylvie: Gedell dech nach, e we'neg, et dauert net me' lîng. Dem Arlette sei Gléck hängt dovun ôf.

Siss: Dât ass net offen fir d'Leit eso' unzeschmieren, a fir se de ganzen Dag ze bele'en. Ech sôen dir, dât gét schlecht aus.

Sylvie: Na nén, Mama. D'Tata Gudule wèrd scho geschwönn verstôn, dass ech net dén ideale Bräutigam fir d'Arlette sin.

Siss: An dann denk un d'Marie, dât aremt Kand... hat kann dât net verdrôen, wanns du e Clown aus sengem Aender mechs.

Sylvie: We' ech wosst wirklech net dass d'Marie eppes fir dé Jong iwreg hätt. Ech tre'schten et. Ech mâchen alles an d'Reih. Lösst mech gewèrden, dir wèrd gesin et gét alles an d'Reih. Do kann keng Schwierégkét me' sin...

5. S z é n

Amaglou: (könnt glécklech eran, d'Valise an der Hand) Bonjour Mesdames, bonjour soldat-militaire. Ech sin d'Tante Amaglouglou! (Sie mecht eng Verbeigung)

Siss, Arlette, Sylvie: We'?

Siss: Wien ass et?

Sylvie: De' huet ons elo nach gefélt!

Arlette: (zum Sylvie) An du hues gesôt, et ke'm neischt me' der-zweschent....

Amaglou: (matlédeg) Wien ass dann meng belle-soeur?

Sylvie: Er belle-soeur??

Amaglou: Jo, ech sichen se partout.

Siss: Ech sin dât bestömmt net. Dir hutt Iech an der Address geïrt.

Amaglou: Ech sin iwer den Ozean komm, fir meng belle-soeur z'em-brasse'eren.

Siss: Dât ass me'glech, mé dât gét ons neischt un. Ech soen Iech nach eng Ke'er dass ech et net sin.

Amaglou: Si c'est pas toi, dann ech wârden. Ech sin net pressé. (mecht d'Valise op)(ze't eng Flesch eräus) Ti trinques avec moi, iwerdém's attendre?

Sylvie: (lâcht dem Arlette) Wât e Phénomène!

Amaglou: Du Phénomène gesôt hues?... Phénomène huet och schon trin-qué avec moi. Du och wölls boire un coup, soldat-mili-taire?

Sylvie: (zu senger Mann) T'ass eng echt.

Siss: Ech wêrd dèr gemenger Zatz eppes sôen. Leuschter... Er Schwe'esch an ech hu bestömmt net zesummen d'Ke'h gehitt. Dir ge'ft mir also eng W'éd mâchen, wann Die Èrer Wé géngt.

Amaglou: Ech wöll dir gär eng Plaise'er mâchen, mé du wéss, ech nach le'wer d'Bouteille eidel mâchen...(sie drenkt)

Siss: Wât eppes Gemenges? Verstitt dir da ké Letzeburgesch?

Amaglou: Dach, dach! Dé gudde Wein français... Ech es och schon mam Phénomène gedronk hun...

Siss: Wât erzielt Dir dô? Gitt, hopp, mâcht mir d'Zômmer frei!

Amaglou: Si tu veux, ech Dir frei mâchen...(höllet e Stull, dre't en an d'Môtt)

Siss: Wöllt Dir dât wuel stôe lôssen!

Amaglou: Ech mâchen frei, fir de Plancher ze botzen.

Siss: Gesit dir, sie mecht de Geck mat mir. Oh de' dét mech baschten mat hirem domme Geschwätz. Mâcht dass dir fort-kommt!

Amaglou: Ou la la! Du nôt contente bass, Du nôt lâchen kanns! Je parle - et ass, wells du nie gudde Rhum Amaglouglou drenks..

Siss: Mâcht Iech fort, mâcht Iech fort, oder ech begin nach en Ongléck (sét dât ausser sech)

Amaglou: (Oemmer le'f) C'est ça, c'est ça.. Du e Malheur mechs, an ech eppes sichen fir de Plancher ze botzen.

Siss: Gitt Iech dach nemme léen!....

Amaglou:Léén?... Ech wöll bien... Ech sin net pressë (sie gët durch d'Hött fort)

6. S z é n

Siss: Sie huet awer schliesslech verstânen! Ah, et kann é soen dass én net me' dohém ass... Letzeburg ass voll vun déne Friemen, de' iwerall mengen, sie wäeren dohém!...T'ass jo eng Schân... a wann ech Minister wär...

Sylvie: Bero'eg dech, Mama. Vir unzufänken bass du net Minister.

Siss: T'ass wirklech schued!

Sylvie: An iwerhâpt bass du am Onrecht, fir dech fir eso' eng Klenggekët op ze régen. Dât Mädchen huet sech bestömmt mat der Address geïrt, an dât ass alles.

Arlette:Dât war fir ons ént vun déne bëschten Möttelen.

Sylvie: Ma secher. Sie war eso' komesch. Hirt lächerlecht Gesîcht huet engem Fréd gemâch. (d'Marie könnt lenks eran, d'Stîr gebeckt, t'motzt) Dât kann én net vu menger Schwester sengem Gesîcht sôen.

Siss: (gët bei d'Marie) Wât mechs du e Gesîcht! T'ge'f é soen d'Henger hätten Dir d'Bro't gefriess.

Marie: (entwert net)

Sylvie: Du geseis nött gutt aus... Wât félt Dir?(et ass ro'eg, d'Marie motzt)

Arlette:Marie...dann entwert ons dach!

Marie: Ech dénen net entwerten de' de Geck mat mir mân!(kreischt)

Siss: (zum Sylvie) Geseis du, wât dir errécht hut.

Sylvie: (zum Marie) Du hues also net verstân?

Marie: (schluckst) Ech verstin nemmen eppes, dir ze't mein armen Aender an d'Lächerlecht..hi.. hi.. hi..

Sylvie: Kreisch dach net.

Marie: Wann ech bedenken, dass meng Schwester mir eso' en Tour spillt...

Sylvie: Lauschter Marie... Du muss mir och gléwen... Ech wosst jo dass du dé jonge Mönch gär häss...

Arlette:T'ass net dem Sylvie seng Schold, Marie. Ech sin an allem Schold, oder e'schter meng Tata Gudule, de' mech wollt mam Aender bestueden...

Marie: (hält ganz op mat kreischen) We'? Wât?

Sylvie: Majo, mir hâten d'Zeit net fir dir de Fall ze erklären..

Marie: (wöll) Den Aender bestueden!... Dât verbidden ech Iech!..
An iwregens, mein Aender wöllt Iech dach nôt.. hie ge'f
gewöss e Médchen bestueden, dât emol keng Ke'h hidde
kann!

Arlette: Ech si ganz mat Iech d'Accord... Ech wés dass Dir de'
passend Frâ fir hie sitt... Ah! Dir gléwt net we' dât
mech frét. Ech muss Iech ömärbelen...

Marie: Mecht dât Iech Fréd?

Sylvie: Majo, Marie, d'Arlette huet en anren gär. A mir mâchen de'
Szén, fir dass seng Tata op hire Plang verzicht.

Siss: Geseis de, du brauchts net ze kreischen, Lfält!

Marie: Wann et eso' ass....

Sylvie: Bass du nach be'ss mat mir?

Marie: Mén, mé wann ech dât e'schter gewosst hätt, dann hätt ech
net brauchen d'ganz Muecht ze kreischen, we' en Dabo.

Siss/ Da gitt elo.. wo' jo erem alles gutt ass..(zum Marie)
Botz deng Nues an dann ömärbels du deng Schwester.

Sylvie: Eso' ass et... Omärbel mech, an dann denk du ge'fs den
Aender fir richtig ömärbelen!

Marie: (ömärbelt d'Sylvie) Sylvie!... Aender!... (an dém Abléck
könnt d'Tata Gudule duerch d'Mött eran)

7. Szén

Gudule:(geseit sie, be's) Oh!

Arlette:(zum Sylvie) Pass op!... meng Tata...

Marie: (neischt gesin) Esch sin eso' fro'h!.. Oemärbel mech nach
eng Ke'er!...

Siss: (se'er) T'ass gutt et gét elo duer!

Gudule: (zur Seit) Hm, jo, et schengt mer bâl dass et duer gét!

Marie: We'?

Gudule: (zur Seit) T'ass tôpech!(zum Sylvie) Den Hèr Aender
erklärt ons o'ni Zweifel d'Ursâch vun dém ömärbelen?

Sylvie: T'ass... t'ass we'nst mengem Geburtsdâg....

Siss: Abbé gutt... Dât feint Médchen huet Geburtsdâg... euh, dé
feine Jong!

Gudule: Dir huet mir dât jo guer net gesôt. We' âl ass dé lé'wen
Aender dann?

Siss: Ben... en ass eso' âl we' d'Sylvie...

Gudule: Wât fir é Sylvie....?

Arlette: Du wés jo meng Frendin Sylvie, vun dèr ech dir jo schon erzielt hun...

Gudule: Ech erënneren mech, nömme domat wés ech dem Aender sein Alter nach net....

Siss: 18 Jôer.

Sylvie: (zuer selwechter Zeit) 21 Jôer... D'Mama irt sech ömmer..

Gudule: Also gutt, fir net nozestoen, erlâbt mir och dass ech Iech ömârbelen.. Mei Gott! Wât hut dir e rengen Teint!

Sylvie: Ech wo'sst jo wât lass wir, durfir hun ech mech de Muergen och extra gut rase'ert...

Siss: Hein?... Dât hues du mir jo nach net gešot. Huet et dann net we'h gedoen fir de' e'schte Ke'er?

Sylvie: T'ass net fir t'e'schte Ke'er, Mama... Ander Kasèr rase'eren ech mech all zwéten Dâg...

Gudule: All zwéten Dâg? Onsen Nôper aus Pareis, de Marcel rase'ert sech nömme eng Ke'er an der Woch. Dir kennt e gutt.. hien ass an èrer Compagnie.

Sylvie: Ah jo... Sei Bart ass blond, da geseit én en natirlech manner....

Gudule: Ma guer net, hien ass eso' brong we' e Spuenier!

Sylvie: Ah jo... ech wés elo..de Marcel.. t'ass e klengen Brongen, jo, jo....

Gudule: Mé nén! En ass eso' gro'ss we' eng Stâng.. Voyons, Aender.. Kennt Dir Èr Komroden nôt besser we' eso'?

Sylvie: Dach, dach... ganz secher... Mé well mir ons nemmen owens am Zômmer gesin, mierkt én d'Détaillier nôt eso'... Ann dann hun ech och ké gudde Verhalt.

Gudule: (zur Seit) T'ass e gudde Jong, mé e schengt mir e we'neg domm...(zum Aender) De Marcel huet vill aus dem Liewen aus der Kasèr erzielt. Zumols vu sengem Adjutant.

Sylvie: (zur Seit) Och nach dât (hârt) En Adjutant kennen ech net.

Gudule: Erönner der Iech net me' we' en Iech drei Dég Bunker gin hât, nodém wo' Dir uko'mt?... Dât si Sâchen, dé' én net vergösst...

Sylvie: T'ass grad durfir wurfir dass ech hien net wöll erem erkennen....

Arlette: Kuck, Tata Gudule, lôss mir vun âner Sâchen schwätzen?

Sylvie: Jo!... Wösst der, ech hun dèr Kasär genug, wann ech do sin.

T'gi me' flott Thémén, wann é Vakanz huet... Erzieht mir zum Beispill eppes vun de Mo'den... vum Tricot.. der Broderie...

Gudule: Interesse'ert dir Iech fir de' Sâchen?

Siss: Gitt him e Nuesschnappesch ze brode'eren, an dann wèrd dir gesin.

Gudule: Ech kommen mir es net zo'.

Sylvie: Mama, ech mengen et brennt eppes un an der Kichen.. Du muss emol kucken goen..

Siss: T'ass wo'er, ech muss d'Iessen mâchen... Komm Marie... Du hëllef mir e we'neg...

Marie: Jo, Mamm.

Gudule: D'Arlette kann och mat der Mme Flo'h goen, et hëlleft iech bestömmt gär...

Arlette: Meng Tata wöllt eleng mat dir sin. De Moment ass dô fir z'entschéden...

Sylvie: Gewöss Hèr Adjutant!

Marie: (zum Sylvie) T'ass awer gutt, hein?... d'kann én sech rullen mar der Tata!... Ech muss dech nach eng Ke'er ömârbelen.. (et fëllt him öm den Hals)

Gudule: (zur Seit) Wo gét et erem un! De' zwé do mussen sech verstôen....

Siss: (lenks an der Dir) Könns du, Marie?

Marie: Hei sin ech.. (Siss, Arlette a Marie lenks ôf)

8. S z é n

Gudule: Dir schengt nawell vill Zuneigung fir d'Cousine Germaine ze hun?

Sylvie: Abé Madame... ech si me' fro' mat hir, we' mat onsem Adjutant! ... Mir kennen ons schon eso' lîng.

Gudule: Eigentlech, eng Kannerfröndschaft. An d'Arlette, wât mengt dir vum Arlette, mei le'wen Aender?

Sylvie: D'Joffer Arlette, sie ass net schlecht, guer net schlecht. Mé si huet net alles wât ech muss hun.. Sie ass ze vill oder e'schter... net genuch.. Verstitt dir?

Gudule: Nöt ganz gutt.

Sylvie: Dir musst mir e we'neg hëllef.

Gudule: Mei Gott... wât soll do raus kommen?

Sylvie: Well mir ons grad Vertrauen schenken, gestin ech iech

eppes, wât mir um Hèrz leid, wann dir erlâbt...

Gudule: Ech leuschteren iech vertrauensvoll nô.

Sylvie: Ben.. ech hun ént gär.. D'war op der leschter Kirmes..
Ech hu gespîrt, we' mein Hèrz ömmer me' fest geklappt
huet.. op de Spiller..

Gudule: Well et ze se'er ronderôm gangen ass?

Sylvie: Mén.. wann ech d'Germaine op menger Seit gesin hun.. grad
eso' rosa, grad eso' sche'n we' d'Schwengercher vum Spill
A mein Hèrz sôt mir: Aender, du hues d'Gléck an denger
Hand... An du war ech we' ausser mir... an ech hu med
un em festgehâlen.

Gudule: Ech gesin... Gléwt mir, mei le'wen Aender, de' Hèrzgeschicht
ass net eso' éscht.. D'Arlette misst bestômmt driwer
lâchen. Mengt dir net hat gif eng gutt Baurefrâ gin? Et
ass vernarrt op d'Land, an et hätt bestômmt Frédéric mat
engem Haff.

Sylvie: Dât sét én alt seo'... Mé et ass weit dervun Frédéric mat
engem Haff ze hun a selwer Pächter ze sin!...

Gudule: Ech hu gemengt dir hätt Personal?

Sylvie: Personal? Dât si mir- Hautjesdâgs kaschten d'Arbechter
deier. Jidderén muss schaffen. Mir können keng unnötz
Meiler fidderen.

Gudule: Trotzdem sit dir awer net schlecht drun.. Ere Papp huet
mir geschriwen, dass dir 30 Hektaren hätt?

Sylvie: Hun? A wât mengt dir?.. Hien huet dât gesôt fir sech den
Décken ze mân... Dât ganzt Land dât mir beackeren ass
gelo'nt...

Gudule: Net me'glech? An d'Be'schten, sin dât èr?

Sylvie: Vun déne 6 Ke'h de' dir bei ons am Stall gesin hut, sin
der 4 gelo'nt.

Gudule: (ömmer me' enttäuscht) An ech hu geduecht, dir hätt we'nes
tens 20 Ochsen!...

Sylvie: Eng Maul- und Klauenseche wor ausgebrach, eso'guer de Papp
ass dervun befall gin...

Gudule: Vunder Maul- und Klauenseche?

Sylvie: Mén, vum Resultat... Mir hun 3/4 vun onsen De'eren verluer.
Zenter hir léft de Pappa sech d'Bé stompech.. T'ass duer-
fir well hien nie hei ass.

Gudule: Dén armen Hèr Flo'h..(gene'ert) Ech wosst... ech wosst
alles dât net.. T'ass schlömm genuch...(zur Seit) Eddi
Kallef, Ko', Schwein an Henger!

Sylvie: Ech hun de Feind besiegt!:::

Gudule: Endlech... ech bedauern dât Gespre'ch dât mir mat offenem

Hèrz gefe'ert nôt...

Sylvie: Ech och nôt!

9. S z é n

Arlette:(könnt lenks eran) Elo gi mir geschwönn un den Dösch.

Gudule: Ech hu wölles mech bei der Mme Flo'h z'entschöllegen...
Mein Autobus firt an enger Stonn d.h. eng Ve'relstonn,
t'gét nach grad duer, fir d'Valissen ze pâken...

Arlette;(ganz fro'h) Ass et wo'er? Git dir fort?

Gudule: Könnt é mengen dât ge'f dir Fréd mâchen?

Arlette:Oh nén.. oh nén.. Au contraire, ech si ganz traureg.

Gudule: Ech hât geduecht, e gewösse Plang auszefe'eren, we' ech
hei hi kommt sin... m' et schengt neischt ze gin... Löss
mir net me' dervu schwätzen.

Sylvie: (zum Arlette) Mir bleiwen awer Frönn?... Ech wèrd iech
net vergiessen. Ech wèrd nach un iech denken wann ech meng
Ke' op d'Wéd fé'eren...

Arlette:Wann ech erem zo' Pareis sin, an ech gesin e sche'ne
Kallefskapp an der Fenster bei engem Metzler, dann denken
ech och un iech, Hèr Aender...

Gudule: T'ass gutt, meng Kanner, dir butt besser iech mat sche'ne
Wieder ze vertre'schten...

10. S z é n

Marie: (könnt lenks eran) Dajé... op wât wârt dir dann nach,
kommt un den Dösch.

Gudule: Kommt heihin Germaine, den Aender huet mir alles agestân
dir könnt èren Fiancé ömärbelen.

Marie: Ech ge'f jo gär, Madame... mé...

Arlette:(ste'sst et)Gene'ert iech dach net!

Sylvie: Ma jo! ömärbel mech! Wo' én dir et dach sét.

Marie: Ech wöll.(et ömärbelt et)

Arlette:zur Seit) Ffü et ass mir warm gin!

Gudule: Eso' ass et jo fein... sie passe wirklich gutt zesummen.

11. S z é n

Siss: (könnt era, geseit d'Sylvie an d'Marie) Mé wât mâchen
se nemmen!... Ech gesin sie ömmer sech an den Aerm
leien....

Gudule: T'ass alles an der Reih, Madame Flo'h. De' Kanner gefâlen

sech, an hirt Gléck schengt mir gesechert. Dir musst sie geschwönn bestueden.

Siss: Dât wärde mer spe'der gesin.

Gudule: Lentschöllegt mech wann ech net me' kann mat iech iessen gôen, mé ech hu beschloss den Autobus ze huelen, dén elo gleich könnt...

Siss: Oh, t'ass schued, Mir hun eso' vill Guddes gemâcht; Treipen Speck mat Kabes, Saucisse an Hâm....

Gudule: Mei Gott, da kre'en ech och keng Indigestio'n.

Siss: (dre't sech zu de Kulissen) Philomène, lét e Couvert manner op.

Philo: (an de Kulissen) Jo, Madame!

Gudule: Ech gi meng Valise sichen (zum Arlette) Du gés natirlech mat mir...

Arlette: Mé Tata...

Siss: Philomène, zwé Couvèren manner!

Arlette: Ech wollt vu mengem Openthalt a Progras-le-Sec profite'eren fir meng Friendin Sylvie ze besichen. Erlâbt dir mir fir hei ze bleiwen?

Gudule: Mei Gott, wann dât dir Fréd mecht.

Arlette: Merci, Tata!

Siss: Philomène!

Philo: (an de Kulissen) Wât ass?

Siss: Hut dir de' 2 Couvèren ewechgeholl?

Philo: Jo, Madame!

Siss: Abbé, elo könnt dir erôm én dohin léen! (Gudule gét an hirt Zömmen, Dîr lenks)

Sylvie: (zum Arlette) Mir hu gesiegt.. (jiddere léft, Gudule jeitzt schrecklech an de Kulissen)

Gudule: En De'f!.. E Mèrder!.. Höllef!:::

All: We'? Wât ass et.. En De'f? (si stin ronderôm d'tata)

Philo: (könnt lenks eran) Wât ass geschitt? Ass et fir d'Couvèren wo' dir mech geruff hut?

Gudule: (stottert vun Oprégung) Ech hun é gesin... E lo'g a mengem Bett.. D'Fenster wâr op.. en ass bestömmt do eraus gesprongen.

Arlette: Mir musse kucke goen.

Marie: Jo, mir musse kucke goen, ge' se'er Philomène.

Philo: Ech hu keng Zeit, ech muss elo op d'Couvèren oppassen.

Gudule: Git op d'Sich, Hèr Aender. En Zaldor dèrf net ze zidderen we' eng schwâch Frê.

Sylvie: (o'ni Begeisterung) Ech gin.

Gudule: Eso' ass et gutt!

Sylvie: (an der Dîr)Wârt... An enger Schluecht muss, we' mein Kolonel sét och Konscht sin... Philomène, ge' an d'Kichen Waffen sichen.

Philo: Waffen, dër si keng am Haus!

Sylvie: Dât spillt keng Roll. Brang alles, wât dir önnere d'Hänn fällt.

Philo: An der Reih (lenks off)

Gudule: Hei Gott! A wât fir ént schrecklecht Abenteuer sin ech hei gerôden?... Wann ech nemmen e'schter hém gänge wâr!

Siss: Ech hu grad de muergen an der Zeitung geliest, dass e Gefângenene fortgelâf ass... Hoffentlech ass et dén net! Dén huet scho 10 Perso'nen a 5 Minutten do'd gemât.

Marie: Herrgott! A mir sin nemmen zo' 6.

Gudule: (logesch, mé opgerécht) Da bracuh hien nemmen d'Halschent Zeit!

Philo: (könnt aus der Kichen) Hei sin d'Waffen. (e Biesen, eng Kasseroll, e Prapeli, e Ste'sser, an e gro'ssen Zoppeleffel)

Sylvie: (verdêlt) Ech fe'eren dât Ganzt... Ro'eg, ké Kome'die... a mir siegen...

Arlette: T'ass spannend!

Gudule: Sô e'schter t'ass entsetzlech!

Sylvie: An elo lauschtet mir nô, ech sin den Hâptmann, ech gi vîr. Dir stellt iech zo' all Seit op... an eso' bâl we' den De'f aus dem Zömmere könnt, werft dir iech op en.

All: Verstân... d'accord... (Sylvie mecht lues d'Dir op, a verschwennt)

Gudule: (huet e Prapeli) Ech.. mâchen d'Aen zo' an ech fachen mat voller Krâft.

Arlette: Lng wonnerbâr Idee.

Marie: Ech he'eren Schrött.

Philo: Passt op, et gét lass.

Gudule: (mécht d'Aen zo') En, zwé, drei...(sie schle't mat hirem Frapeli op de' Perso'n de' era kënnt, t'ass kén âneren we' d'Sylvie. De' âner schlôen én op dén âneren, richtegen Durchernén, Kome'die, Krésch)

Stömm vum Sylvie: Hâlt op! Mé hält dach nemmen op!

12. S z é n

Amaglou:(ass durch d'Mött erakommt a kuckt sech de' Szén mat gro'ssem Interesse un)(fro' iwer d'Folgen vun der Schluecht) Bravo! Bravo!... Schlôt, schlôt gut fest... Ah ech si beaucoup contente! Moi nach juste komm sin fir de Match ze gesin!...(encourage'ert d'Kämpfer) Ge' lass petit, gé' lass petit!... Ech gin eng Bouteille Rhum dem Vainqueur!

Sylvie: (le'st sech lass, jeitzt hârt) Hâlt dach op, hei ass onsen De'f!

Philo: (kennt sie erôm) Mé.. et ass mei Frenn Glouglou!

Siss; Nach ömmer de' Negerin?

Sylvie: Sie lo'g um Bett.. Ech hât se gesin duerch d'Fenster goen dir hât mir d'Zeit net gelôss, fir iech ze explice'eren.

Siss: Wât hut dir a mengem Bett gemâch?

Amaglou:Du mir gesôt hues: ge' du dech coucher!...

Sylvie: Oh, sie huet ons mam Wuert geholl.

Gudule: An ech mengen, mir können d'Waffen nidderle'en.

Siss: Wann ech bedenken, dass mir ons hu missen hâllef futti mân, we'ns d'êkeleger Negerin... Sie verdengt, dass mir all u sie gin.

Amaglou:(zum Gudule) Ech dech nach net hun vu. Du villeicht meng belle-soeur bass?

Siss: Elo fängt sie erôm un.

Gudule: Er belle-soeur! A menger Familjen sin nômmen Franzo'sen.

Amaglou:Mais je suis française. Ech d'femme sin vum gre'ssten plânteur la Martinique... Hien huet am méschten Dollar vun tout le pays. Beaucoup Millio'nen cannes à sucre.. beaucoup Millio'nen banknotes!

Siss: An dir kommt hir èr belle-soeur sichen?

Amaglou:Mein mari à Porgras-le-Sec au monde komm... an der ferme vun den trois-baudets,

Sylvie: (zo' senger Mamm) Ech denken un én...

Siss: Ech och!

Sylvie: We' héscht ère mari?

Amaglou: Mathurin Lavigne...

Siss: Mathurin!... Dât ass den Mathurin, mei Brudder, dén ons verlôss huet, fir seng fortune an Amerika ze mâchen...

Sylvie: Mei Monni!

Amaglou: Da bass du meng le'f belle-soeur!

Siss: Wann dir d'femme vum Mathurin sitt...

Amaglou: Ech dech embrasse'eren... Suis tellement eso' vill contente

Siss: (nodém sie sech ömârbelt hun) Glécklecherweis gét d'Fârv nôt ôf.

Gudule: (de' d'Gespre'ch mat Interesse nogelauschtert huet an d'O'eren gespötzt huet, we' vun de Millio'nen geschwât gin ass, zum Arlette) Ech bleiwen, ge' me' nô bei den Aender!

Siss: E Couvert me' fir de' gutt Tata Amaglouglou!

Philo: Jo, Madame; (zur Seit) Dât mecht mech schon nervös; (gét lenks aus an et grommelt)

Gudule: (zum Siss) Meng le'w Madame, ech bedauern iech matzedélen dass mat all dém Gemech den Auto fort ass.

Siss: Dir iesst mat ons... Dât bero'egt iech op all de' Opré-gung. (rift Philomène)

Philo: (könnt an d'Dir lenks, engem Ko'p Telleren an der Hand) Wât ass dann elo?

Siss: T'muss nach é Couvert me' sin...

Philo: (rosen) Ah! nén... Dir mâcht mech jo verréckt!... Ech prévene'eren iech, wann dât elo seo' drun hält, da lôssen ech alles fâlen... (t'mecht den Arm op, d'Telleren fâlen)

R i d e a u

3. A k t

(Selwechten Décor. Den Dösch stét an der Mött. Döschel-
(duch, en Bouquet Blumen, Dessert Telleren. Philomène
(serve'ert de Kaffee an de Liqueur. Vill Liewen, all
(löschtég. Sie sötzen, sie schwätzen duerchernén)

1. S z é n

Siss (stellt d'Tass nidder, wend sech un d'Amaglouglou) An eso' hut dir dann de' Bekänntschaft mat mengem gudde Brudder gemâcht?

Amaglou: Oui, Madame, Mathurin beaucoup malin ass... Ech hien beaucoup zimer, hien mech épouser. Gentil klengen mari!

- Arlette: (zo' senger Tata) Sie ass kostbar!
- Gudule: (zum Arlette) Jo, an sie ass millio'nenreich, vergiess dât nött!...
- Amaglou: Mathurin aimer och ganz vill Letzeburg. Hie mir gesôt Du firgëss, annoncer de' gutt Nouvelle, an du meng petite belle-soeur embrasse'erer. Moi alles hei verkâfen d'Fortune fêrdeg. Zréck op Letzeburg a mir zwé rentiers zu Porgras-le-Sec.
- Siss: Dé le'wen Mathurin! Hien huet sein Drâm erfôllt kritt sei Reichtum an Amerika ze mân. Ah! we' wâr ech eso' fro' en erem ze gesin!
- Amaglou: Lui venir dé' nexte mois.
- Siss: Mir mâchen eng gro'ss Feier fir hien ze empfanke.
- Marie: (ganz oppgerégt an dât we' é geseit d'Gedrenks net gutt verdré't) Eso' ass et! Mir mâchen d'Hochzeit zo' senger E'er.. (hiewt sech d'Glas an der Hand) Op dem Monni Mathurin seng Gesondhét. Op d'Gesondhét vun der Tata Amaglouglou.
- Sylvie: Dât op seng Schwester oppasst) Pardon mei le'ft Germaine meng Tata ass net deng...
- Gudule: Ganz richtig.
- Marie: We'? Deng Tata net meng Tata? (e sto'ss vum Sylvie) Ah! jo...t'ass wo'er... ech hât vergiess dass ech Deng Schwester net sin...
- Gudule: Wât erzielt et?
- Sylvie: (se'er zum Marie) Mir probe'eren fir se erem ze iwerzégen. Wés du net me', wât ech Dir gesôt hun? Ach hun dech eso' gâr ewe' eng Schwester, verstânen, mé meng Tata get ere'scht deng Tata wa mir bestued sin.
- Marie: (ganz hârt) He! Ech wôll mech mam Aender bestueden...
- Gudule: Et erkennt emol sein Fiancé net me' erôm? (zum Marie) Dir schengt mer d'Gedrenks schlecht ze verdrôen, Joffer Marie...
- Marie: Ech verdrôen alles eso' guer wann é mech Germaine rifft? T'ass mir egal, wann ech den Iesel och muss spillen, d'Hâptsâch ass, ech ka mech mam Aender bestueden!...
- Siss: Ro'eg mei Kand! Iwregens sin ech vun der Madame Gudule hirem Avis. Du muss op dech oppassen, du drenks ze vill.
- Gudule: Wann d'Mâssegkét onbedengt eng kostbar Eigenschaft ass schengt se mir onbedengt fir e jongt Médchen, dât eppes op sech hält... (dre't sech zur Amaglouglou) Sit dir net och dèr Mênung, Madame?

Mässegkét sin!

Arlette:(zur Seit) D'ge'f én et net sôen!...

Philo: Op de' Force muss ech d'Glieser erem fôllen!

Amaglou:Oemmer fôllen, Phénomène. Wann du net fôlls, mir nôt vide mâche können.(Philo fôllt)

Siss: (zur Seit) T'ass awer schlömm!(d'Sylvie sét dem Marie eppes an d'O'er)

Marie: Jo, den Aender.

Gudule: Dajé, Arlette, sés du neischt zu dém feinen Aender? Du schengs mir dein Kavale'er am Stéch ze lôssen.

Sylvie: Ech si kén gewe'nleche Kavale'er, obschon sie mech an d'Infanterie gepucht hun!

Gudule: We' ass hien eso' drôleg! (zum Arlette, ste'sst et) Da sô we' ech?

Arlette:Wirklech ganz drôleg.... ech hun nie én Zaldot kannt, dén eso' drôleg war!

Sylvie: Dât sés du!

Gudule: (zur Amaglouglou) Sie sin wirklech sympathesch...

Amaglou:(drengt nach ômmer)...pa..thesch.. Dât du gut sés!

Gudule: Dir musst dach ho'freg sin en Neveu ze hun dén an der Armee ass?

Amaglou:Ech sin ho'freg, we' d'Reine vun der Republique!.. Ech kucken den Aender, we' mein Infant.. Ech kén héritier hun. Ech meng Fortune dem Aender gin, a vill Banknotes, wann hien mariage huet.

Siss: (zur Seit) Seng ganz Fortune! ... Hoffentlech schmiert sie ons net un!

Marie: Wann den Aender hir ganz Fortune kritt, da sin ech ze-fridden, da sin ech mat allem d'accord!

Gudule: (ze't d'Nues) Wât eppes Ongene'ertes! (zum Marie) Gewöss, Joffer Germaine, dir wêrd dervun profite'eren, wann den Hêr Aender seng Ménung net change'ert (zum Sylvie) Nôt?

Sylvie: Ben, Madame!...

Gudule: (zum Marie) T'sin munechmol Gefiller, de' me' lang daueren we' de', de' én op der Kirmes kritt, oder bei engem Steck Nougat!

Siss: (zum Philomène) Ge' dach nach eng Tart mat engem décken Bord sichen.

Philo: Jo, Madame. (gét lenks ôf)

Gudule: Wât mech ubelângt, Madame, ech verzichten drop. Ech kann emol nôtt me' dât gerengste Stéck ôf kre'en.

Arlette: Ech och net.

Amaglou: Mir t'selwecht ass. Plus manger, me' fatigant. Me' licht boire.

Philo: Dô ass d'Tart?

Siss: T'ass net me' derwert, Philomène, du kanns se erem an d'Kichen droen. Mir iessen se den Owend.

Philo: Dajé alt... T'ass schlômmer we' en Zaldot am Manoeuvre.

Sylvie: (hiewt sech) Beklots du dech Übung ze mâchen, Philomène, ech mengen mir können der och mâchen.. Ech hu Loscht e we'neg an d'Loft ze goen...

Marie: Ech gi mat dir (stét op)

Gudule: (ste'sst d'Arlette) Ge' och.

Arlette: Ech gin...

Philo: (zur Potiron) Ech mengen, Madame, dir hätt besser mir bei der Spull ze hëllefen.. Ech sin am Moment net secher

Siss: Fir eng Ke'er gét dât.. Ech kommen (sie gin lenks ôf)

Sylvie: (höllt d'Marie an den Arm) Mir gin e klenge Spaze'ergank mâchen... (gin duerch d'Mött aus)

2. S z é n

Amaglou: Alles parti... Guer ké me' soif?

Gudule: Ech si fro'h fir eng Geléenhét ze hun fir mech mat Iech eleng ze ennerhâlen.

Amaglou: Ech desgleichen. Ti trinques avec moi?

Gudule: We' dir wöllt (zur Seit) D'dèrf én hir nôt ze missfâlen. (sie drenken, d'Gudule a klenge Schlippercher, Amaglouglou an engem Zuch)

Amaglou: Ech ufänken, mech ganz bien ze fillen.

Gudule: Wât denkt dir vun der Joffer Germaine?

Amaglou: Mamzell Germaine, vill le'f...

Gudule: A meng Nies d'Arlette?

Amaglou: Mamzell Arlette, och vill le'f..

Gudule: Oenner ons gesôt, mengt dir net den Hèr Aender zéckt zwöschén dénen zwé.

Amaglou: Hien zéckt? Beaucoup mauvais... Amaglouglou, jamais zécken.

Gudule: Dir kennt sengem Zécken villeicht en Mann mâchen... dodurch dass dir e richtig berôtschlôt... ö

Amaglou: Si toi vouloir, ech wöll.

Gudule: Wösst dir, dât Germaine, sche'nt mir net.. we' soll ech soen?... besonnesch gescheit.

Amaglou: Ech dir vollkommen recht gin... Hat net savoir ordentlech boire.

Gudule: An dann huet et guer keng Bildung.. Doge'nt huet meng Mies seng Breve'en.. an et bereét seng Licence vir.

Amaglou: Bono Licence! Hat Licence pouvoir vendre li Rhum Amaglou-glou.

Gudule: Enfin wann dir könnt den Hèr Aender beeinflussen..

Amaglou: Ech wöll gär...

Gudule: Schwätzt dir mat him?

Amaglou: Ech schwätzen. Ech soen: Aender, ganz vite marier toi Mamzell Arlette.

Gudule: Ganz gutt. (zur Seit) Ech mengen ech hu gesiegt...

3. S z é n

Philo: (könnt eran) Ech kommen d'Telleren sichen (op dem Dösch tesselt et d'Telleren openén)

Gudule: Mir mâchen Iech Arbecht, net Philomène?

Philo: Bestömmt... ech si richtig matgeholl.. t'gét net dur dass én sech öm d'Bestecker kömmert (klappt) An d'gét eso' weider!... (gét opmâchen)...

Mme Flo: (könnt eran) Bonjour Philomène!

Philo: (réckelt) Dât ass de Klu.. d'Madame Flo'!!! A wât get elo?

Mme Flo: (erstaunt) T'sét mer emol net bonjour.. (geseit de' aner) Wie sin de' Leit do? (zum Philomène) Ech gese'ch gären d'Madame Potiron..

Philo: (probe'ert fir d'Situatio'n ze retten) Kommt dir ons Potironen kucken? Kommt hei duerch.. ech weisen iech se..

Mme Flo: (zur Seit) T'muss é Schotz ze vill geholl hun! (zum Philomène) Ech gese'ch gär er Méstesch!

Philo: Bon.. bon.. bon.. ech gin se sichen (gét aus) Da muss elo kommen wât könnt.. ech wöll neischt dermat ze din hun.. (kuckt se eng leschte Ke'er, mecht d'Dir zo') Dât get nach gutt!

4. S z é n

Amaglou: (zur Flo') Könns du meng belle-soeur besichen?

Mme Flo: Ech wés net, ech kennen er belle-soeur net.

Amaglou: Ma dach! Wanns du dach d'Patronne wölls voir. Ti trinques avec moi en attendant?

Mme Flo: (schlecht opgeluegt) Wann dir wöllt. Wât ass dann nemmen lass an dém Haus?

Gudule: Sit dir Bauer zo' Porgras-le-Sec, Madame?

Mme Flo: Jo, Madame... Ech brengen iech Neiegekéten vum Aender...

Gudule: Ah! kennt dir hien?

Mme Flo: We': Op ech hien kennen? Dât wär awer komesch wann ech de Jong vum Hèr Flo' net ge'f kennen!!! (Sie lâcht)

Gudule: Hien ass am Duerf bekannt.

Mme Flo: (stolz) Mengt dir?

Amaglou: We' de Rhum Amaglouglou.. De gudde Rhum Amaglouglou ass connu partout?

Mme Flo: Wât erzielt sie dô?

Gudule: Paest net drop op, et ass Reklam.

Mme Flo: (uni ze verston) Ah!... (sie bekuckt d'Amaglouglou)

Gudule: Löss mer le'wer vun dém le'wen Aender schwetzen. Wösst dir ech hun hien eso' gier...

Mme Flo: Net me'glech.

Gudule: Ech hun him elo grad nach gesôt...

Mme Flo: (könnt sech es net zo') Dir hut him et gesôt... dem Aender.

Gudule: Jo. Ech hun elo grad nach mat senger Tata vun senger Zukunft geschwât, we' dir elo ko'mt.

Mme Flo: Mat senger Tata??? Wât fir enger Tata?

Gudule: (weist op d'Amaglouglou) Mé.. de' Madame hei...

Amaglou: C'est moi, qui suis li tante Amaglouglou.. Ech hun traverse'ert l'océan.

Mme Flo: An dir behâpt, de' Quetsch do wir dem Aender seng Tata? (sie setzt sech, ganz duerchernén) Oh mei, oh mei mei Kapp.

Gudule: Elo sit dir erstaunt, gelt? T'ass i'wer wo'er.

Amaglou: Ech meng ganz l'fortune mengem Neveu Aender gin.

Gudule: He'ert dir?

Mme Flo: Sin ech wâch oder schlôfen ech?

Gudule: Am Fong geholl, dât do ass neischt Aussergewe'nleches...

Mme Flo: Ah! fannt Dir?

Gudule: D'Hâptsâch ass, den Aender vernarrt sech net nach me' an d'Germaine.

Mme Flo: (sprengt op) Germaine.. den Aender kennt also e Médchen dât Germaine héscht?;; Sit dir secher?...

Gudule: Ech sin leider ze vill secher, nômmen ech probe'eren fir hien dovun ôf ze brengen.

Mme Flo: Oh, dén Neisschnotz.. (hârt) Abbé.. dât arent Marie.. wann hat dât do we'sst...

Gudule: Wien ass Marie?

Mme Flo: Ma.. d'Marie Potiron.. dât den Aender op der Kirmes kenne gele'ert huet.

Gudule: (önnnerbrecht) Op dem Perdechersspill?

Mme Flo: Grad eso'. An hien huet him nach é Stéck Wougat kâft.

Gudule: Nach ént.. hien gebraucht jo all Ke'er de' selwecht Taktik. Mé dé Jong ass jo schrecklech.. Hien huet dât selwecht mam Germaine gemâcht.

Mme Flo: (ausser sech) Mei Gott, mei Gott.. Wât sét de Papa Flo' wann hien de' Neschnotzegkéten vu sengem Jong erfiert?

Gudule: Jo.. dât get him bestömmt e Coup.. zumols wo' hien elo schon eso' e Pech hât, den armen Mann..

Mme Flo: (erschreckt) Hein? Wât sôt dir?

Gudule: Majo zenter dem Coup vun der Malaria.

Mme Flo: (guer net secher) Dât ass eng Verréckt!

Amaglou: (hiewt sech) Neischt me' boire.. Ech an d'Cuisine eng Bouteille siche gin (sie gét lenks eraus)

Mme Flo: (ömmert me' onro'eg) A sie le'sst mech elo mat hir eleng! (sie reckelt e we'neg)

5. S z é n

(d'Siss an d'Marie kommaen lenks eran)

Mme Flo: (Krésch vun Erlichterung) Ah! do ass d'Madame Potiron. Ech si gerett! ... Bonjour Madame Potiron...

Gudule: (kuckt iwerall o'ni ze verstoen) Wât huet se mat hire Potiron??

- Siss: Des Ke'er... ass et d'Katastroph.
- Marie: (zur Mme Flo') Ah ech sin eso' fro' Iech ze gesin.
- Mme Flo: Ech si komm, fir iech e Wuert ze soen.. iwer den Aender..
- Siss: Mir schwetzen en aneren Dâg dovun.
- Mme Flo: (zur Seit) T'mengt én sie ge'f sech net trauen..
- Marie: Ma nén, ech wöll et direkt wössen...
- Mme Flo: Abbé.. hei.. hien huet mir e Bre'f fir iech gin...
- Marie: Oh! Git mer en, git mer en se'er.
- Gudule: We'... e Brê'f vum Aender?... Oh! de' Geschicht do ass guer net klôr!
- Siss: (höllet de Bre'f) Du lies dât me' spe't.
- Mme Flo: (fir d'Tata Gudule) De' Dame kennt we'nt sche'nt de Fiston
- Siss: Jo.. jo.. dât wöllt soen.. (zur Seit) elo sin ech drun.
- Mme Flo: Sie huet mir vun enger gewösser Germaine erzielt..
- Marie: D'Germaine?... Dât sin ech!?! (et lâcht)
- Mme Flo: Wât?

6. S z é n

(Arlette könnit duerch d'Mött eran)

- Gudule: Ah! do ass meng Nies.. Alles erklärt sech..
- Mme Flo: (zum Arlette) Mé.. wann ech mech net îren.. ass dât d'Joffer Gummi!
- Gudule: (zur Seit) Sie kennt d'Arlette?
- Mme Flo: (zum Arlette) Mir wârdén dohém schon e puer Dég op iech.
- Arlette: Ech wollt iech grad haut besiche kommen.. Mme Sylvie.. (zu senger Tata) Meng Frennin Sylvie, Tata.
- Gudule: Ah! dât ass de' Dame?
- Arlette: (ömärbelt se se'er) (lues zur Mme Flo') Ech bieden iech sôt we' ech.

7. S z é n

- Sylvie: (huet d'Uniforme ausgedôen) Guckuck! ech sin et.. (o'ni d'Mme Flo' ze gesin, gét bei d'Tata Gudule) Bonjour Madame! Ech sin d'Sylvie, d'Frennin vun dém gudden klengen Arlette.
- Gudule: (wöllt et erkennen) Ah! wirklech! Könnit dir mir da soen

wien de' Perso'n do ass?(sie weist op d'Mme Flo')

Sylvie: Ojo dann?

Gudule: Dajé, dan entwer.

Sylvie: Ech sin d'Sylvie...

Mme Flo:Dât stét fest.

Gudule: Wie sit dir dann?

Mme Flo:(zum Arlette) Dêrf ech?

Arlette:Op dem Punkt wo' mir elo sin (décourage'ert)

Mme Flo:Ech sin d'Madame Flo'.

Gudule: Ah, nén ech bieden iech.. Mâcht de Geck net.. Iwer wien spöttelt dir da schliesslech?

Mme Flo:Ech mâchen de Geck net. T'ass d'Wo'recht?

Gudule: (weist op Mme Potiron) Do ass d'Madame Flo'.

Mme Flo:Hein?

Gudule: Wât hut dir ze entwerten?

Mme Flo:Do verstin ech neischt me'...

Gudule: (hârt) Sie verhémlechen mir eppes.. sie wöllen mech bele'en, ech spiren et gutt.. mé ech kennen én dén iech all duerchernén brengt (gét zur Mött a rifft) Hèr Aender!

Sylvie: Dât huet ké Wert. Den Hèr Aender entwert iech net.

Gudule: Wurfir wannech gelifft?

Sylvie: Well den Aender, dât war ech!

Gudule: Oh!.. des Ke'er.. dât ass ze vill.. ech spiren, dass et mir net gutt get (sie gét zesummen)

Siss: (d'Aerm an d'Lûcht) Dât huet och nach gefélt.

Marie: (fro') T'ass gut eso':

Mme Flo':Wât en Zodi , Herrgott! Wât en Abenteuer!

Arlette:(zum Sylvie) Ech si verluer.

Gudule: (könnt zo' sech) Erklärungen! ech wönschen Erklärungen!!!
(all zesummen ronderöm schwetzen hârt)

Arlette:Du muss mir verzeihen Tata, ech wollt den Aender net bestueden.

Sylvie: Madame, ech sin dât énzegt Schöllegt. Ech hun de ganze Kome'die eropgin!

- Marie: T'ass d'Sylvie an d'Arlette. Ech wollt nemmen eng Sâch, den Aender behâlen.
- Siss: Gléwt mir, ech bedauern villmols.. Ech wosst gutt, dass dât schlecht ge'f ausgoen.
- Mme Flo: Wât erzielen sie? Wât erzielen sie?
- Gudule: Schwetzt wannech gelifft net all zesummen? (zu hirer Nies) Du fir t'escht.
- Arlette: Tata, ech hun iech net gefollegt.
- Gudule: Ech zweiwelen net drun.
- Arlette: Anstatt bei d'Madame Flo' ze goen (et weist op sie) sin ech fir t'escht bei meng Frendin Sylvie gang.
- Siss: Mei Médchen, hei ass et...
- Arlette: An du sin ech e puer Dég bei him bliwen. We' ech ère Bre'f kritt hun, ass et mir angscht gin.
- Sylvie: D'Arlette huet mir et uvertraut. Fir de Fall ze retten hun ech den Aender gespillt.
- Gudule: Meng Félicitatio'nen?
- Sylvie: (kleng) Merci... no'twendegerweis hæet d'Mama sech missen fir d'Madame Flo' hirgin, a meng Schwester, d'Marie ass Cousine gin.
- Gudule: No'twendegerweis!... Dir wârd all Teilnehmer fir mech un ze schmieren.. Dât ass mir jo eppes Sche'ns.
- Arlette: Tata, ech wollt iech vun dém Virschlâg vum Bestueden ôfbrengen...
- Mme Flo: (zur Tata Gudule) Da sit dir also d'Tata vun der Joffer Gummi?
- Gudule: Jo, Madame Flo'. An ech hu geduecht, schon zenter geschter bei iech ze sin?!
- Mme Flo: T'ass jo formidabel.'
- Gudule: Jo mé dât ass net domat eriwir (bedenkt sech). Am Fong geholl huet d'Tata Amaglouglou neischt mam Hër Aender ze dun?
- Siss: Dât ass dem Sylvie an dem Marie seng Tata...
- Gudule: Also gutt! (zum Arlette) Ge' ons Valisse pâken.. Mir gin elo direkt fort.

8. S z é n

- Amaglou: (könnt lenks eran, eng Flesch an der Hand, holt d'Philo an den Arm) Phénomène; ech dech beaucoup gär hun... Du dés ue Commerce vum Rhum marquer...

Philo: Ech mengen sie huet esgenug.

Amaglou: A mein Neveu, den Aender?

Gudule: Eren Neveu (weist op d'Sylvie) do ass hien.

Amaglou: (lâcht) Verklét en fille! Bravo! Tata Amaglouglou aime beaucoup Witzzen... (zum Sylvie) Tu trinques avec moi?

Siss: T'ass mei Médchen, ér Nies, d'Sylvie!

Sylvie: (könnt me' no) An ech war e'nescht als Jong verklét.

Amaglou: Bravo! Bravo! et la fiancée?

Siss: D'Germaine... Dât ass d'Marie meng élst Duechter.

Amaglou: Fille à toi? Dann och Niece à moi? Moi zwo' Niesen hun (zum Marie an Sylvie) Du, tous les deux mech embrasse'eren. (sie ömärbelen sech)

Gudule: (zum Arlette) Löss mir ons fortmâchen.

Amaglou: Alors, du bestuets de vrai Monsieur Aender?

Arlette: Nén, dât ass d'Marie.

Marie: (dât de Bre'f lass gemâcht huet a geliest huet) Jo, elo sin ech secher! (weist senger Mamm de Bre'f) Den Aender schreiw mir hie kè'm öm meng Hand unhâlen, Mama. Wann hien de' nexte Ke'er a Congé könnt.

Gudule: Ma, ech hu geduecht hie wär erem!

Mme Flo: Ma seng Groupe go'f a leschter Minutt zréckgesât.

Gudule: Ech sin alt erem eng Ke'er me' schlecht renseigne'ert gin!

Marie: Ah, ech sin eso' fro'h!

Amaglou: Alors, toi dech net bestuets?

Arlette: (zéckt kuckt seng Tata) Et ass d'Loscht, de' mir félt..

Gudule: Wât?

Arlette: Jo, Tata, ech hu mei Cousin de Gérard gär.

Gudule: (jeitzt) Den Apdikter?

Arlette: (béckt de Kapp) Jo, mir hun ons gär, mé ech war net eso' keng, dir et anezestôn... T'ass e feine Jong...

Gudule: Hien huet ké Su, a we' soll hien sech arichten, dât froen ech mech?

Amaglou: Lui keng Banknotes, fir seng Pharmacie anzerichten? Wann d'Tante Amaglouglou der Mamzelle Arlette der gött, du consentir au mariage?

